

do kënne maachen. Mee mir sinn net der Meinung, dass dat vun uewen erof soll festgehalen ginn. Jiddwer Gemeng kann dat maachen, wéi se wëll, esou wéi se et brauch a wéi se et néideg fënnt. Et ass dat, wat ech wollt soen.

(Interruption par Mme Cécile Hemmen)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An da freet nach den Här Clement d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Et ass jo awer ... Pardon, et ass e bësse lächerlech, datt mer elo als éischt e Gesetz stëmmen, wou mer de Gemengen imposéieren, eng Technik ze hunn, fir déi Technik dann am Schaf verrotten ze loosse. Dat heescht, mir soen de Gemengen – helleg Gemengenautonomie, schéin a gutt –: „Kaapt dat! Dir musst et hunn, well wann ee vun Ärem Gemengeconseil Covid huet, da musst Der et deployéieren kënne. Dir musst et also kafen!“ Dat ass och en Agrëff an d'Gemengenautonomie – de Käschtefaktor och. Se hunn et, se hunn d'Technik an da sot Dir elo, pardon, Dir heibannen, déi dat net matstëmmen: „Ma loosst déi Technik am Schaf, et interesséiert d'Biergerinnen an d'Bierger dach net! Solle se dach Congé huelen, fir an de Gemengerot ze kommen!“ Wann dat d'Transparenz vun der Majoritéit hei ass, dont acte.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

Ech mengen, da kéime mer elo zum Vott vun dëser Motioun.

#### Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 4 voix pour et 55 voix contre.

Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emilie Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusti Graas), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

## 6. 7828 – Projet de loi portant sur la modification :

1<sup>o</sup> du Code de la sécurité sociale ;

2<sup>o</sup> du Code du travail ;

## 3<sup>o</sup> de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

## 4<sup>o</sup> de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Mir kommen elo zum Projet de loi 7828, eng Upassung vu verschiddenen Arrête vun der Cour de justice am Kader vun den Allocations familiales. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

**M. Max Hahn** (DP), rapporteur | Merci, Här Président. Sait zirka 40 Joer ass d'Recht op Kannergeld fest am Gesetz verankert. All Kand mat engem legale Wunnsätz zu Lëtzebuerg huet d'Recht op dëse sozialen Transfert.

Do dernieft kënne awer och d'Kanner vun de Frontalieren ënner gewëssene Konditiounen vun der Allocation familiale profitéieren; dat, well d'Kannergeld eng Prestatioun ass, déi ënnert d'Reegele vun EU-Reglement iwwert d'Koordinatioun vun de Sozialversicherungssystemer fällt an doduerch all Mënsch, deen zu Lëtzebuerg schafft, Usproch op d'Kannergeld huet, ganz nom Prinzip vum der Égalité des travailleurs.

2021 hunn zu Lëtzebuerg ronn 196.000 Kanner vun dëser Prestatioun profitéiert. Zirka 118.000 Famillje kruten d'Allocation familiale vum Familljeministère accordéiert. 50 % dovunner ware fir Famillje mat engem Kand, 37 % dovunner ware fir Famillje mat zwee Kanner, 10 % fir Famillje mat dräi Kanner an 3 % fir Famillje mat véier oder méi Kanner. De gesamte Käschtepunkt fir de Staat louch 2021 bei ronn 940 Milliounen Euro.

Wat déi genee Konditiounen vum Recht op d'Kannergeld betrëfft, baséiere mer eis den Ament op d'Gesetz vum 23. Juli 2016. Dat ass déi lescht Reform, déi mir hei zu Lëtzebuerg an dësem Beräich ëmgesat hunn.

Sait 2016 kënne Aarbechter, déi net hei am Land wunnen, just nach Kannergeld fir hir eege Kanner ufroen, dat heescht fir hir gebierteg oder Adoptivkanner. D'Kanner vum Partner falen deemno net méi ënnert dëst Recht. A genee dës Reegelung gouf vum Europäesche Geriichtshaff condemnéiert.

D'Cour de justice huet nämlech an hirem Urteel vum 20. Abrëll 2020 kritiséiert, dass all Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt, ka Kannergeld kréien, während just déi leiflech oder Adoptivkanner vun de Frontalieren Urecht op dës Prestatiounen hunn. Hirem Urteel no géifen d'Residenten also par rapport zu de Frontalieren bevirdeelegt ginn, wat géint déi europäesch Gesetzgebung verstéisst.

Als Äntwert dorop hunn d'Auteurs vun dësem Projet de loi versicht, nei Krittären opzestellen, wat d'Recht op Kannergeld betrëfft. Si hunn direkt e puer Pisten analyséiert, op déi ech elo net méi wäert am Detail ze schwätze kommen, well dat d'Envergue vun dëser Ried haut géif sprengen. En cours de route goufen dës Krittären dunn och zweemol amendéiert, fir den Opposition-formell vum Staatsrot Rechnung ze droen. Fir d'Detailer verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport.

Déi final Léisung, déi mir an der Familljekommissioun zréckbehalen hunn, gesäit elo Folgendes vir: Nieft hire leiflechen oder Adoptivkanner kënne d'Frontalieren an Zukunft och Kannergeld fir d'Kanner vun hirem Partner oder hirer Partnerin ufroen, dat ënnert der Konditioun, dass de Frontalier fir den Ënnerhalt

vun dëse Kanner opkënn an zesumme mat hinnen an der Partnerin oder dem Partner e permanente legale Wunnsätz deelt. De Krees vun de Beneficiairë gëtt also erweidert. Wat d'Residentë betrëfft, bleift alles beim Alten.

A senger éischter Versioun hat dëse Projet de loi nach eng weider grouss Adaptatioun beim Kannergeld virgesinn, nämlech d'Reindexéierung vun der Allocation familiale. Dëse Punkt gouf dunn awer scho mam Akraafttriede vum leschte Budgetgesetz, fir d'Joer 2022 also, virgezunn, soudass mir en aus dësem Gesetzesprojekt konnte sträichen. D'Kannergeld gouf jo bekanntlech, wéi Dir et wësst, mam Budgetgesetz réckwierkend op den 1. Oktober 2021 reindexéiert.

Ier ech op den nächste Punkt vun dësem Projet de loi ze schwätze kommen, wëll ech Iech als éischt nach e puer Statistiken iwwert d'Kannergeld presentéieren.

Fir d'Residentë läit de Montant vun der Allocation familiale aktuell bei 285 Euro pro Kand a pro Mount. Dëse Montant gëtt dann ëm 22 Euro majoréiert fir Kanner ab sechs Joer an ëm 54 Euro fir Kanner ab zweielef Joer. D'Zil vun dëser Majoratioun ass et, d'Kannergeld an d'Depensé vun de Familljen unzepassen, déi jo bekanntlech mam Alter vum Kand an d'Luucht ginn.

Fir d'Non-Residentë variéiert de Montant vun der Allocation familiale dogéint a Funktioun vun der Héicht vum Kannergeld, dat si an hirem Heemechtsland kréien. Am Fall, wou d'Lëtzeburger Allocation méi héich ass wéi déi, déi am Nopeschland accordéiert gëtt, iwwerweist de Lëtzeburger Staat e Complément différentiel un déi betrafte Persoun.

Wa mir dann e Bléck op d'Statistike vum Kannergeld werfen, gesi mir, dass 47 % respektiv 449 Milliounen heivun 2021 exportéiert gi sinn, de gréissten Deel dovunner a Frankräich mat ronn 254 Milliounen Euro, op der zweeter Plaz d'Belsch mat 96 Milliounen Euro an Däitschland dohannert mat 70 Milliounen Euro.

Här President, nieft den Adaptatiounen beim Kannergeld proposéiert de virleiende Gesetzestext dann och nach eng Ännerung beim Congé parental. Den Europäesche Geriichtshaff huet nämlech, och wat dëse Beräich ugeet, mam béise Fanger op Lëtzebuerg gewisen. De Code de la sécurité sociale gesäit den Ament vir, dass een Elterendeel gläichzäiteg zwou Konditiounen muss erfëllen, fir de Congé parental kënne unzefroen: Éischters muss d'Persoun um Moment vun der Gebuert oder dem Accueil vum Adoptivkind bei der Sécurité sociale affiliéiert sinn, an zweetens muss d'Persoun während mindestens zweielef Méint direkt virum Ufank vum Congé parental geschafft hunn, an dat ouni Ënnerbriechung.

An hirem Urteel vum 27. Januar 2021 (veuillez lire: 25. Februar 2021) huet sech d'Cour de justice allerdéngs géint déi éischt Konditioun ausgeschwat, well een doduerch deenen Elteren, déi de Moment vun der Gebuert net schaffen, d'Méiglechkeet ewechhëlt, hire Congé zu engem spéideren Zeitpunkt nozehuelen, zu engem Zeitpunkt, wou si nees eng Aarbecht hunn an dëse Congé kéinten notzen, fir sech ëm hiert Kand ze këmmere.

Dem Europäesche Geriichtshaff no verstéisst de Lëtzeburger Droit mat dëser Konditioun géint dat individuell Recht vun all Aarbechter op e Congé parental, e Recht, dat all EU-Memberstaat muss garantéieren.

Als Reaktioun op dëst Urteel proposéiert de virleiende Gesetzestext, déi éischt Konditioun aus dem Artikel 306 vum Code de la sécurité sociale, aus dem Code du travail an aus de Statute vun de Fonctionnaires ze sträichen. An Zukunft bleift also just nach de Krittär bestoen, dass d'Persoun, déi de Congé ufreet,

mindestens zwiefel Méint oui Ennerbriechung virum Ufank vum Congé parental muss geschafft hunn a bei der Sécurité sociale muss affiliéiert gewiescht sinn. D'Konditioun vum der Affiliatioun zum Zäitpunkt vum der Gebuert fällt dogéint ewech.

Zu gudder Lescht proposéiert dëse Gesetzestext nach e puer punktuell Ännerungen, op déi ech elo net wäert eenzel agoen, mee déi Dir gären a mengem schrëftleche Rapport kënn noliesen, notamment wat d'Allocation spéciale supplémentaire an d'Komposition vum der Zukunftskeess betrëfft.

Här President, wat de finanziellen Impakt vum dësem Gesetzesprojet betrëfft, gëtt geschat, dass eleng d'Adaptatioun beim Kannergeld eng zousätzlech 8,4 Milliounen d'Joer wäerte kaschten. Den Estimatioun vum Familjeminstère no wäerten nämlech ronn 3.000 Kanner vum der Erweiterung vum Cercle des bénéficiaires profitéieren.

D'Käschte vum den neie Konditiounen beim Congé parental ginn op eng zousätzlech 4,8 Milliounen Euro d'Joer geschat.

Fir d'Avisen zu dësem Gesetzestext verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. De Staatsrot huet dann och gëschter säin Accord ginn, fir d'Erreurs matérielles ze behiemen, déi mer an eiser leschter Familjekommission esou proposéiert haten, an deemno kann ech dann heimat och den Accord vu menger Fraktioun, vum der Fraktioun vum der Demokratescher Partei, ginn.

An ech soen Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, villmools Merci fir d'Nolauschten.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen dem Här Rapporteur Max Hahn villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Marc Spautz.

Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

**Une voix** | Très bien!

### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischte e grouse Merci un de Rapporteur, de Max Hahn, fir souwuel säi schrëftleche wéi och säi mündleche Rapport. Ech wëll och nach eng kéier zrëckkommen op 2016. 2016 hate mer hei an dësem Raum schonn eng kéier eng gréisser Diskussioun dodriwwer, wou dat do net den Haaptpunkt war, mee den Haaptpunkt war deemools d'Aféierung vum engem eenheetleche Kannergeld. Mee och dat hei stoung deemools mat zur Diskussioun.

A virum 2016 huet dee Problem sech jo och net gestallt, mee eréischt mam Gesetz vum 2016 ass dee Problem bei de Frontalieren entstanen, fir dee mer vum Europäesche Geriichtshaff verurteilt gi sinn a wou mer jo elo mat dësem Projet, esou wéi en elo um Dësch läit, ... wa mer deen herno stëmmen, da wäert domadder de Problem vum Europäesche Geriichtshaff ewech sinn.

Den éischte Projet de loi, den originale Projet de loi, war an eisen Ae kee gudder Projet, well do huet een Ennerscheeder gemaach zwëschen natierleche Kanner an dem Partner senge Kanner. An dat war och ee vun de Kritikpunkte vum der CSV an dat ass jo och aus den Avisa vu verschiddene Chambres professionnelles ervirgaangen, dass dat net dee richtige Wee war, mee dass een och dem Partner seng Kanner misst mat a Betruecht huelen. Mir haten deemools souguer gesot: Ma kommt, mir ginn erëm zrëck op d'Reegelung vu virum 2016. Ech hunn awer verstanen,

dass d'Majoritéit dat net wollt, well soss hätte se eis jo nodréiglech deem Recht ginn, wat mir heibannen 2016 gesot hunn.

Nodeem de Staatsrot awer elo un deem Text geschafft huet, ass dat e besseren Text ginn. Dofir ass nämlech do de Problem am Prinzip geléist, mee et stelle sech fir eis nach ëmmer zwou Froen: An dat sinn déi, wat eis belsch an eis franséisch Kolleegen ubelaangt, bei de Frontaliere mat de Beweiser.

Hei steet dran, dass een elo muss „par tous moyens“ beweisen, wéi een do mat sengem Partner zesummen ass an dass een och dofir opkënn, well do gëtt et ënnerschiddlech Interpretatiounen. Et gëtt déi franséisch Variant, et gëtt déi belsch Variant, wou eng Fiche de composition de ménage besteet oder dat anert net besteet. An et ass do, wou mer eis d'Fro stellen, wat deen „tous moyens“ soll sinn. An ech froe mech, wéi de Ministère do wëll virgoen a wéi mer deene Leit d'Méiglechkeet ginn, well si mussen et jo beweisen, dass dat esou ass, wéi déi do kënnen virgoen.

An Däitschland ass de Problem méi einfach. An Däitschland gëtt et dofir eng Prozedur. Mee am belschen an am franséische Familjerecht respektiv am Gemengegesetz steet dat aneschtlers dran an dat kann do fir eis Problemer bewierken.

An ech hat och deemools an der Kommissioun gesot ..., dofir huet d'CSV sech och beim Rapport vum Här Hahn enthalen, well mer gesot hunn, mir géifen där Saach nach eng kéier op d'Spuer goen. An ech muss Iech soen, ech hunn d'Léisung nach ëmmer net fonnt, well souwuel déi franséisch wéi déi belsch Kolleegen soen, dass dat eng aner Opfaassung ass, wéi s de dee Certificat kanns bréngen.

An ech géif dofir heibannen den Appell maachen: Wa mer elo einfach do stoen hunn „par tous moyens“, dass mer awer gegebenefalls, wa mer feststellen, dass dat sech an der Realitéit schwierig mécht, fir dat kënnen ze beweisen – ech ka mech erënnere, an der Zäit sinn Inneministère kucke gaangen, ob de Waasserzäler gelaf ass, fir feststellen, ob do ee wunnt –, dass een da vläicht muss aner Saache maachen, mee dass mer awer net elo dës le début soen: „Hei ass domadder alles an der Rei. Et ass kee Problem méi do.“ Mee ech géif den Appell maachen, dass mer dann alleguerten zesummen erëm dorop zrëckkommen, wann dee Problem sech herno bei de belsche Frontalieren a bei de franséische Frontalieren stellt.

Well et ka jo awer net sinn – dat si ronn 150.000 Leit, déi eng aus Frankräich, déi aner aus der Belsch, de Max Hahn huet och virduen aus eng kéier d'Zuel genannt vum deene Suen, déi mer a Frankräich an an d'Belch ginn –, dass mer dann awer elo ënnert de Frontalieren och nach zwou Kategorië vu Frontaliere maachen, well deen dote Problem sech stellt.

Ech weess net, ob en erauskënn. Dat gesi mer fréistens an engem Joer, wann eng kéier do e Bilan driwwer gemaach gëtt. Mee ech mengen, da wier et awer wichteg, dass mer, wann dee Problem sech géif stellen, dodrop géifen zrëckkommen.

Fir de Rescht wëll ech soen: Trotz där Remark, déi ech gemaach hunn, wou mer do zwar e bësse Bauchwee hunn, géif d'CSV de Projet awer matstëmmen, well et awer eng Verbesserung ass fir déi Frontalieren an och eng Verbesserung am Congé parental.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Spautz. An da wier et un där honorabelen Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, direkt am Ufank wéilt ech dem Rapporteur Max Hahn en décke Merci soe fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport.

Ech ginn net nach eng kéier op d'Reform vum Kannergeld vum 2016 an an och net op den Arrêt vum der Cour de justice vum der Europäescher Unioun vum 2. Abrëll 2020, duerch deen et u sech néideg ginn ass, déi gesetzlech Basis vum Kannergeld an och de Code de la sécurité sociale ofzeänneren.

Et ass awer wichteg ze soen, dass d'Texten virum der Reform vum 2016 zu ganz ville Schwierigkeeten an onklore Situatiounen gefouert hunn. An déi restriktiv Definitioun vum „membre de famille“ an der Reform vum 2016 wollt dat léisen, mee déi huet dann awer, wéi mer dann och elo wëssen, aner Problemer mat dem neien Arrêt vum der Europäescher Cour de justice mat sech bruecht, wat dann elo eng nei Reform néideg gemaach huet.

Zu der ursprénglecher Versioun vum dësem Projet muss ech soen, dass mer als LSAP och e bësse Bauchwee haten. D'Propos, déi do um Dësch louch, war, fir vum engem Recht vum Kand op Kannergeld eriwuerzegoen op e Recht vum Salarié, dee bei eiser Sécurité sociale affiliéiert ass – an nëmmen, wann dee Salarié e „lien de filiation“ mam Kand huet.

Dat war fir eis aus verschiddene Grënn problematesch, ob déi ech awer elo hei ganz kuerz wéilt agoen. Ee Grond ass, well et e radikale Paradigmewiessel duergestallt hätt. Fir eis als LSAP war ëmmer kloer, dass d'Kannergeld fir d'Kand do ass an et dem Kand och muss zeguttkommen. An et war wierklech net ofzegesinn, wat bei dësem Paradigmewiessel nach eventuell als Rateschwanz hannendrukomm wier.

Dann ass et awer esou, dass déi ursprénglech Versioun vum Projet de loi och eng gesellschaftlech Realitéit ignoréiert huet, nämlech déi vun de Patchworkfamilien. An Eltere mat engem Lien de filiation hätten e Recht op d'Kannergeld kritt, och wa se sech u sech vläicht guer net ëm hiert Kand gekëmmert hätten. Stéifelteren awer hätte kee Recht drop kritt, och wa si mat de Kanner zesummegeewunnt, gelieft an och sech ëm se gekëmmert hätten. Déi ursprénglech Versioun vum Projet de loi hätt, sou wéi de Staatsrot och a sengem Avis festgestallt huet, nei Ongläichheete mat sech bruecht a wär och iwwer kuerz oder laang warscheinlech nees mat engem Urteel gekippt ginn.

Mir gesinn dofir den amendéierte Projet de loi elo absolutt positiv, well mer bei engem Recht vum Kand op Kannergeld bleiwen a well och d'Familien recomposées elo mat berücksichtegt ginn. Jo, et kann natierlech sinn, dass dat hei och eng Rei praktesch Problemer mat sech brénge wäert. An dat muss een elo kucken, wéi et virugeet. An dat ass och esou an der Kommissioun gesot ginn: D'Praxis bréngt et an da muss mer kucken, wéi dat da geléist gëtt, wann nach eventuell Problemer opkommen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach kuerz zu den Ännerungen duerch dëse Projet. Positiv ass och, dass d'Elteren an Zukunft elo kënnen ufroen, d'Kannergeld zur Hallschent ze deelen – ob se getrennt sinn oder net. Vlächent sollt een do och iwwerleeën, ob een esou eng egalitär Approche, déi béid Elterendeeler gläichstellt, net och um Niveau vum de Steiere kéint berücksichtegen – kleng Approche. Och beim Congé parental ginn Ännerungen virgeholl, déi néideg gi sinn no engem Urteel vum Europäesche Geriichtshaff. Hei gouf d'Condition d'affiliatioun um Moment vum der Gebuert vum Kand gestrich, an dat hu meng Virriedner och scho gesot.

Här President, wéi ech an der Kommissioun nach d'Fro vum Congé parental fir d'Apprentien opgeworf



hat, hunn ech u sech keng esou ganz zefriddestellend Äntwert kritt, mee elo, no leschten Informatiounen aus dem Ministère, hunn ech awer gesot kritt, dass dat nach ëmmer méiglech ass. Dat freet mech, an ech soen och der Madamm Ministesch Merci fir dës Info.

An esou, wéi – da kann een dat nach vläicht derbäifügen – ech och aus de Ministère vum Här Haagen a vum Här Engel héieren hunn, si si och amgaang ze kucken, wéi d'Situatioun vun de Leit aus de Beschäftigungsmesuren oder soss anere Mesures d'emploi ka verbessert ginn, wat de Congé parental ubelaangt.

Lauter gutt Norichten zum Schluss, an da ginn ech natierlech selbstverständlech ganz gär, léif Kolleegen a Kolleginnen, den Accord vun der LSAP fir dës Projet de loi, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An d'Wuert kritt elo d'Madamm Djuna Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Mir bleift net méi vill ze soen. Dat ass doduerjer bedéngt, dass souwuel de Rapporteur e ganz pädagogesch a gudden Rapport hei presentéiert huet, deen, mengen ech, op déi ganz komplex Situatioun agaangen ass, an awer och meng Virriedner, mengen ech, e ganz wichtege Deel hei an d'Diskussioun schonn eraginn hunn.

E Gesetzestext kënnt ëmmer aneschtens aus der Chamber eraus, wéi en erakënnt. An ech mengen, dat war hei ganz, ganz sécher de Fall. Et war keng ganz einfach Saach. An ech wëll och op dëser Plaz e grouse Merci soe fir d'Disponibilitéit vun de Vertrieeder vun der Zukunftskeess a vum Ministère an och fir deen oppenen Dialog, wou mer wierklech probéiert hunn, zesummen no Léisungen ze sichen.

Ech mengen, dass och de Staatsrot hei e weesentlechen Deel dozou bäigedroen huet. Och do e grouse Merci. En fin de compte: Dat Endresultat, wat mer hei hunn, ass eent, wat eis ganz zefriddestellt, well et de Krees vun de Beneficiairéi méi grouss mécht, well et eng gerecht a sozial Léisung ass, déi op d'Komplexitéit vun deene verschiddenste Familljemodeller ageet. Dat ass nun emol am Geescht vun der Zäit.

An ech mengen, dass mer hei wierklech zum Schluss e gutt Resultat hunn, mat deem mir ganz zefridde sinn. A mir ginn dowéinst och den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An dann ass d'Wuert fir d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, an der Reform vun 2016 ass de Stéifkanner vun de Frontalieren d'Recht op d'Kannergeld ewechgeholl ginn. Et ass och déi Reform, déi allgemeng d'Kannergeld op 18 Joer beschränkt, d'Progressioun vum Kannergeld jee no Unzuel vu Kanner am Stot ofgeschaaft an e Montant unique, e Forfait pro Kand agefouert huet, dee wäit ënnert dem Duerchschnittsmontant louch, deen d'Famillje mat méi Kanner nach virun der Reform zegutt haten.

Dobäi koom nach, dass säit 2006 d'Kannergeld, gradesou wéi sämtlech aner Familljeprestatiounen, net méi indexéiert gi sinn an d'Versprieche vun der neier Regierung am Joer 2014 vun engem Kompensatiounsmechanismus, deen d'Familljeprestatiounen automatesch un d'Liewensdeierecht géif upassen, bis haut en eidelt Versprieche bleift. Mee zumindest sinn dës jo zanter 2021 nees indexgebonnen.

Här President, mat dëser Reform ass de Leit e Stéck vum Kuch ewechgeholl ginn. E Stéck vun deem, wat

hinnen zeguttkënnt, well se zu Lëtzebuerg schaffen, do zum Räichtum vun eisem Land bäidroen an do och hir Steiere bezuelen.

D'Madamm Cahen huet sech mat dëser Reform net beléift gemaach. Och wann allgemeng d'Menagé mat Kanner duerch dës Reform finanziell geschwächt gi sinn, sou sinn dann awer d'Frontalieren duebel, wann net souguer dräifach an d'Pan geklaakt ginn – an dat, obwuel si gradesou gutt zu eiser Wirtschaft bäidroen wéi een, deen zu Lëtzebuerg schafft a wunnt. Well ouni si geet et hei net.

Här President, et gouf versicht, Kierzunge vum Kannergeld duerch Prestatiounen wéi Chèque-service accueil, d'CSA, an d'Studentebourse ze kompenséieren. Déi Rechnung ass awer a kenger Hisiicht opgaangen, well Prestatiounen wéi d'CSA an d'Studentebourssen a kenger Hisiicht dat kompenséieren, wat beim Kannergeld verluer gaangen ass. Dat zertifizéiert och de Statec, deen 2020 ausgerechent hat, dass 41 % vun de Kanner, déi eligibel wieren, net vum Dispositif vun dem CSA profitéieren.

D'Chambre des Salariés huet hirersäits am Exposé des motifs vun enger Proposition de loi fir eng direkt Opwärtung vun de Familljeprestatiounen thematiséiert, dass den Taux vum Non-recours bei de Frontaliere besonnesch héich géif leien. Dat heescht, si maache kee Recours. Dës Proposition de loi, déi mir als déi Lénk iwwerschaft an deposéiert hunn, gouf am November 2021 leider hei an der Chamber ofgeleent.

D'CSA sinn onpraktesch fir d'Frontalieren, déi all Dag mat hire Kanner missten an iwwerfëllten Zich oder duerch den dëckste Berufstraftack iwwert d'Grenz fueren, fir se an enger Crèche zu Lëtzebuerg ofzeginn. Dat heescht, d'Frontalieren hu sech mam net indexéiert Kannergeld missen zefriddeginn, bis d'Reform koom vun 2060 (veuillez lire: vun 2016), déi jo dann alt erëm Restriktiounen fir d'Frontaliere virgesinn huet. An et ass och dëser Reform ze verdanken, dass Stéifkanner vu Frontalieren och aus dem System vun de Studiefinanzéierungen ausgeschloss goufen, vu dass d'Limitatioun vum Kannergeld op 18 Joer am Kader vum Studiefinanzierungsgesetz konnt verlängert gi bis op 25 Joer.

An dat hätt kënne monter esou weiderlafen, wann net am Abrëll 2020 den Europäesche Gerichtshaff sech ageschalt hätt, fir Lëtzebuerg de béise Fanger ze weisen. D'Gericht seet eis, dass et net ka sinn, dass Stéifkanner vu Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen, mee net zu Lëtzebuerg liewen, keen Urecht op Kannergeld hunn, woubäi Stéifkanner vu Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen a wunnen, dat Recht hunn. Dat widder-spricht dem Prinzipp vun der Égalité de traitement vu Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen.

Här President, säit zwee Joer versicht d'Regierung, sech aus der Saach erauszewurschtelen. Zwee Joer laang gouf op eng spektakulär Aart a Weis versicht, eng Léisung ze fannen, déi der Regierung et erlaabt, esou mann wéi méiglech mussen ze bezuelen a gläichzäiteg net méi am Widersproch mat der europäescher Legislatioun ze stoen.

Déi Approche kann nëmmen zu absurde Léisungsvirschléi féieren, géint déi och de Staatsrot Opposition-formell formuléiert hat. Léisungsvirschléi, déi zu engem Paradigmewissel gefouert hätten, deen immens problematesch gewiescht wier – wéi zum Beispill d'Ofschaf vum perséinlechem Recht op Kannergeld vum Kand zugongschte vum Elterendeel, deen zu Lëtzebuerg schafft, an do bei der Sécurité sociale ugemellt ass.

Dat wier immens problematesch gewiescht, well d'Kannergeld virop dem Kand säi Recht ass. Och wann d'Kannergeld indispensable ass, fir de Budget

vun ëmmer méi Familljen am Equilibre ze halen, bleift et an éischter Linn e Mëttel, fir engem Kand eng gutt Erziéung an anstänneg Liewenskonditiounen kënne ze sécheren.

Well et en Droit personnel vum Kand ass, besteet jo och d'Méiglechkeet, d'Kannergeld direkt dem jonken Erwuessenen ze iwwerweisen, falls deen net méi ka bei den Eltere wunnen oder falls en no sengen 18 Joer nach weider studéiere geet.

De Lien de filiation, deen och héchstproblematesch ass, huet laang gebraucht, fir aus de Léisungsvirschléi ze verschwannen. Dora bestoung jo awer haaptsächlech de Problem. D'Filiatioun huet bestëmmt, ob s de d'Kannergeld kriss. Dat heescht, een, dee sech net ëm säin eegent Kand gekëmmert huet, krut d'Suen egal wéi, mee een, deen awer d'Kand doheem hat oder aleng d'Kand mat opgezunn huet a finanziell ënnerhalen huet, och wann et säint net war, krut näischt.

Här President, schlussendlech ass dobäi erauskomm, dass de Krittär, dee muss erfüllt ginn, fir dass och Stéifkanner, déi am Stot vun engem Frontalier liewen, en Urecht op Kannergeld kréien, deen ass, dass een un d'gemeinsam Residenz vun de Partner gebonnen ass, bei deenen d'Kand en charge ass.

Dat, wat mir elo hei ofstëmmen mussen no laangem Hin an Hier, dat ass näischt anescht wéi en Troust-präis. Well wann dat Gesetz a Kraaft trëtt, kréien och d'Stéifkanner vu Frontalieren dat Urecht op Kannergeld. Dat ass ganz, ganz gutt esou an dofir stemme mir et och mat. Mee dat geet awer eigentlech net duer, well eigentlech misst d'Regierung de concernéierte Leit dat zréckbezuelen, wat se hinne säit 2016 virethalen huet.

(Brouhaha)

Dat ass och de Frontalieren an hire Stéifkanner hiert gutt Recht.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Max Hahn fir dee gudden schrëftlechen a mündlechen Rapport. Och mir wäerten eis Zoustëmmung ginn zur Reform vum Kannergeld.

Ech muss awer nach ee Punkt ubréngen, ech mengen, Dir hat och schonn dermat gerecht: Wa mer de Congé parental schonn opmaachen, dann hätte mer och – an ech hunn dat jo schonn e puermol ubruecht – am traurege Fall, dass e Kand verstierft, eng Ännerung bewierken, fir de Leit ze hëllefen, déi eebe leider an deem Fall sinn.

Mir wäerten trotzdeem haut och déi doten Ännerung matstëmmen, well och déi richteg ass. Mee wa mer schonn um Congé parental geschafft hunn, hätte mer och kënne dat anert e bësse méi fair gestalten. Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

**Prise de position du Gouvernement**

**Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci, Här President. Villmools merci och all de Riedner. E grouse Merci un de Rapporteur fir säi ganz explizitte mündlechen a schrëftlechen Rapport.

Ech géif hei awer och gär all de Memberen aus der Familljekommissioun e Merci soen. Well, ech

mengen, hei hu mer geschafft, wéi mer am Fong selte schaffen, nämlech: Mer hunn zesumme gebrainstormt fir ze kucken, wéi mer deem Urteel kéinte Rechnung droen. Dass d'Madamm Cecchetti dat net weess, dat verstinn ech, well si war deemools nach net direkt mat derbäi. Si ass eréischt méi spéit derbäigestouss.

Mee mir haten awer do ganz oppen, ganz intensiv a ganz éierlech Gespréicher an der Chamberskommission, fir zesummen ze kucken, wéi mer deem Urteel kéinte Rechnung droen. Elo wäerte mer dat haut maache mat deem Gesetzestext, deen Der haut zur Ofstëmmung do leien hutt. An ech hoffen, dass dat domadder dann och geschitt ass. D'Kannergeld ass e Recht fir d'Kanner, fir dat ze kréien.

An da géif ech awer och gär, well dat vläicht e bësse méi kuerz eeben haut kënn, nach eng Kéier op de Congé parental zrëckgoen. Do ass et esou, dass een an Zukunft net méi muss affiliéiert si respektiv hei am Land geschafft hunn dee Moment, wou d'Kand op d'Welt kënn. Dat heescht, wann een de Congé parental ufreet, wann d'Kand fënnf Joer al ass zum Beispill, an et huet een awer au moment de la naissance net hei am Land geschafft, dann huet een en an Zukunft dann awer zegutt, well dee Kritär wäert dann an Zukunft och ewechfalen.

An dat, wat mer jo all wëllen, dat ass eng besser Work-Life-Balance. Mir wëllen, dass d'Eltere sech besser organiséiert kréien. Mir hätte gär, dass jonk Elteren Zäit mat hire Kanner kënnen verbréngen, ouni hir Aarbecht opzeginn, ouni dofir mussen opzehale mat schaffen. Dat ass, mengen ech, och hei de Sënn an den Zweck vun där Ännerung. An da wäerten natierlech nach e puer Ännerunge kommen, déi am schrëftleche Rapport vum Rapporteur natierlech och nozieselen sinn.

Dofir villmools merci fir déi breet Zoustëmmung. A merci nach eng Kéier all de Membere vun der Familljekommission. Dat wat e ganz flotten Exercice. Dat war och en Exercice, mengen ech, wou mer alleguer te vill derbäi geléiert hunn, well et awer méi flott a besser ass, wann een zesumme brainstormt an zesumme kuckt, wéi een d'Saache besser ka maache fir d'Leit dobaussen. Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen der Madamm Familljeministes Corinne Cahen Merci. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7828. Den Text steet am Document parlementaire 7828<sup>12</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7828 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme uegheoll.

**Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7828 est adopté à l'unanimité des 59 votants.**

**Ont voté oui :** Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole

Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 7.8106 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 16 décembre 2008 concernant l'intégration des étrangers au Grand-Duché de Luxembourg

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8106, eng Erweiterung vum Mandat vun de Membere vum Conseil national des étrangers. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration**

**M. Max Hahn** (DP), rapporteur | Villmools merci, Här President. Historesch gesinn, ass Lëtzebuerg säit der zweeter Hallschent um 19. Joerhonnert en Immigrationland. Mam Opschwong vun der Stolindustrie waren déi Däitsch an d'Italieener déi Éischt, déi sech zu Lëtzebuerg niddergelooss hunn, an an de 60er-Jore koum dunn d'Portugiesen, déi zu Dausende virun der Aarmut an hirem Heemechtsland geflücht sinn, derbäi.

Mat der Entwécklung vun eise Dénsgschleeschtungssektor, virun allem der Finanzplaz, huet et ëmmer méi Natiounen op Lëtzebuerg gezunn, soudass mir haut en Undeel vu bal 50 % un auslänneschen Awunner hunn. Dat ass eng eenzegearteg Situatioun, déi eist Land souwuel um wirtschaftleche wéi och um sozialen a kulturellen Niveau beräichert.

D'Méisproochegkeet an de Multikulturalismus stellen eis awer ëmmer nees viru grouss Erausforderungen. Wéi kënnen mer deene Leit, déi aus dem Ausland kommen, hëllefen, sech hei zu Lëtzebuerg ze integréieren an aktiv un eiser Gesellschaft deelzehuelen? Wat kënnen mer maachen, fir e bessert Zesummeliewen tëschent de Lëtzebuerger an den Netlëtzebuerger ze erméiglechen?

(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)

Dat, léif Kolleginnen a Kollegen, si wichteg Froen, op déi mir als Politik mussen eng Äntwert fannen. Dofir sinn ech frou, dass de Ministère fir Famill an Integratioun an dësem Beräich scho vill Efforte geleeht huet.

1993 gouf zu Lëtzebuerg dat éischt Integrationsgesetz gestëmmt, mat deem ënner anerem och den CNE, de Conseil national des étrangers, gegrënnt

gouf. D'Zil vun dësem Gesetz war et, d'Integratioun hei zu Lëtzebuerg ze verbesseren. 2008 gouf dëst Gesetz dunn eng éischte Kéier iwwerschaft, fir der Populationsentwécklung an de Migratiounsstréimunge Rechnung ze droen an de betraffene Leit nach méi gezielt ënnert d'Äerm ze gräifen.

Wat den CNE betrëfft, sou gesäit d'Gesetz vun 2008 vir, dass d'Mandater vu senge Membere op fënnf Joer limitéiert sinn. All fënnf Joer ginn deemno nei Membere vum Ministère fir Famill an Integratioun gewielt, an déi nächste Wale wäer scho fir den 18. Januar 2023 virgesi gewiescht. Elo ass et awer esou, dass de Ministère den Ament un engem neien Integrationsgesetz schafft, dat och eng Partie Ännerungen um Fonctionnement vum CNE virgesäit. Et géif also net vill Sënn maachen, am Januar nei Membere ze wielen, déi hir Funktioun da just während enger ganz kuerzer Zäit bis zum Akraafttriede vun deem neie Gesetz kéinten ausüben.

Fir d'Walen am Januar 2023 ze ëmgoen, proposéiert de virleiede Gesetzestext deemno, d'Mandater vum CNE vu fënnf op siwe Joer eropzesetzen. Déi aktuell Membere bleiwen also weider an hirer Funktioun aktiv, bis dass dat neit Integrationsgesetz a Kraaft trëtt. Mat dëser Ëmännerung erméigleche mir weiderhin e proppert Fonctionnement vum CNE an evitéieren onnéideg administrativ Prozeduren.

De Staatsrot hat a sengem Avis keng gréisser Remarque formuléiert, soudass hien ouni Weideres säin Accord zu dësem Projet konnt ginn.

D'Familljeministes Corinne Cahen huet eis an der leschter Familljekommission dann och matgedeelt, dass se dat neit Integrationsgesetz, soubal wéi et dann de Regierungsrot passéiert huet, an eis Kommission presentéiere kënn. Dat soll viraussichtlech direkt am Ufank vun 2023 geschéien. Ech als President awer an – ech ginn dervun aus an ech sinn iwwerzeegt dervun – och all meng Kommissionsmembere freeën eis natierlech do drop, fir op dësem wichtege Gesetz da kënnen ze schaffen.

Dëst gesot, léif Kolleginnen a Kollegen, Madamm Presidentin, Iech alleguer te villmools merci fir d'No-lauchteren. An ech ginn heimat och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

**Mme Djuna Bernard**, Présidente de séance | Merci, Här Rapporteur.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz.

**Discussion générale**

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Madamm President. Léif Kolleginnen a Kollegen, de Max Hahn ass schon am Detail op d'Zuelen agaang. Ech wëll him Merci soe fir säi Rapport. Ech mengen, et muss ee virun allem ënnersträichen, dass grad eis auslännesch Communautéit hei zu Lëtzebuerg zum Räichtum vun eise Land mat bäigedroen huet. An dass Lëtzebuerg do steet, wou Lëtzebuerg haut steet, dat hu mir och den auslännesche Matbierger ze verdanken.

Och war et an der Zäit de Conseil national des étrangers, deen och ëmmer Campagné gemaach huet fir den Droit de vote. Den Droit de vote: och elo eppes, wou mer jo elo nach eng Kéier alleguer zesumme massiv amgaang sinn, fir dass genuch Leit sech aschreiwen, déi net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, fir un de Gemengewale vun 2023 deelzehuelen.

Deen hei Artikel u sech ... zwee Joer. Ech hoffe just, dass et duergeet, Madamm Minister, well heiansdo si